


Zeitung vum 'natur musée' fir jonk Leit

De Panewippchen

N°99 2/2012

Dës Nummer gouf gemach
an Zesummenaarbecht mat
der Naturverwaltung



'natur musée' - 25, rue Münster -
L-2160 Lëtzebuerg - Tel.: 462233 450

www.naturmusée.lu
www.panda-club.lu

De Panewippchen gëtt ënnerstëtzt:
Ministère de la Culture - Musée national d'histoire naturelle -
Ministère de la Famille et de l'Intégration - Service National de la Jeunesse -
Ministère du Développement durable et des Infrastructures -
Administration de la Nature et des Forêts - Administration de l'Environnement -
Ministère de la Santé -
Ministère de l'Intérieur et à la Grande Région, Administration de la gestion de l'eau -
Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle

WUPP NEWS

Impressum:

Redaktionscomité:

S. Backes, J. de la Gardelle, S. Goerens, C. Greisen, M. Grosbusch, M. Hagen, S. Hagen, C. Heidt, M. Hoffmann, M. Kirsch, M. Reichard, L. Schley, F. Theisen, M. Ursone.

Texter:

J. de la Gardelle, S. Goerens, Michelle Grosbusch, S. Hagen, C. Heidt, M. Ursone.

Grafik an Illustratioun:

S. Goerens, S. Hagen.

Fotoen:

©'naturmusée'

Bechstein-Fledermaus

Den 1. Juni 2012 huet eng Bechstein-Fledermaus an engem Vullenhaus vun den Ettelbrécker Naturfrënn an engem Eechen-Hobichen-Bësch beim Carelshaff geschlof. Dës Fledermaus leeft just a Lafbëscher, wou si Nuets-Päiperleken, Raupen a Spanne fänkt. Si wunnt a Spiecht-lächer an de Beem mä geet awer och heiansdo a Vullenhaiser. Zu Lëtzebuerg ass d'Bechstein-fledermaus bis elo just am Gutfland fonnt ginn.



Maus oder Flantermaus?



Fënns du ronderëm d'Haus kleng schwaarz Grimmelcher a wëlls du wëssen op bei iech doheem Flantermais wunnen?

Huel ee vun deene klenge schwaarzen Drecker tèschent d'Fanger an zerreifen. Wann dat net klappt, dann hues de Maisdrecker fonnt.

Wann dës Drecker awer beim Zerreiwen zerfallen well se aus de ville Chitin-Deeler vun de Panzer an de Flilleke vun Insekten bestinn ... BRAVO! Du hues Flantermausdrecker fonnt.

Du Glécklechen! Looss deng Matbewunner a Rou do wunnen, well hei zu Lëtzebuerg hu se et schwéier en Ennerdaach ze fannen.

Kuck och Säit 10.

2

JUNI- SEPTEMBER

Bëschwelt-am 'natur musée' vum 27. Abrëll bis 16. September 2012

E Spadséiergank duerch d'Bëscher vun der Welt.

An dëser Ausstellung léiere mer op eng flott Aart a Weis déi ënnerschiddlech Bëschzorte kennen. Faarweg, mat kuerzen Informationen, interessante Geschichten, ale Legenden a Mythen iwwer ongewéinlech

Och nom internationale Joer vum Bësch 2011 huet d'Thema «Bësch» näischt u Bedeitung verluer. Dat weist elo déi nei Ausstellung «Bëschwelt» am 'natur musée'.

Ronderëm de Globus bestëmme Bëscher, déi je no Klima a Buedem-beschafheet ganz verschidde sinn, d'Bild vu groussen Deeler vun eiser Äerd: een Drëttel vun der Landfläch vun eiser Äerd ass vu Bësch bedeckt, an dee suergt fir Sauerstoff a bitt Millioune Déieren- a Planzenarten en Doheem.



Bëschbewunner a mat flotte Modeller gëtt den Tour duerch d'Ausstellung e flotte «Spadséiergank» duerch d'Bëscher vun der Welt. D'Ausstellung féiert net nëmmen an di einheimesch Buchebëscher oder Louhheckebëscher, mee och an tropesch Fiichtbëscher, Mangrovebëscher, boreal Bësch, ... bis bei Bësch ouni Beem.

D'Ausstellung ass an däitscher Sprooch.

Bëschdéieren

Dës flott Brochuren mat super Fotoen a ganz vill Informatioun kritt du gratis bei der Naturverwaltung.

Tël.: 402201-1.



BËSCH-STEEMETZER?



D'ARCHITEKTE VUN DE MODERNEN HAISER HU JO VUN TUTEN A BLOSE KENG AHNUNG ODER FIRWAT MAACHE SI SOU GROUSS ENTRËES-DIEREN AN HIR HAISER?



HATT FRËSSST LËEM?!!



HATT MËSCHT DE LËEM MAT SPAUT A KNÄTSCHT A KNAT!!



AAAH - SOU!! HATT PECHT D'LACH ZOU!!



ENDLECH ASS DËI AARBECHT FÄERDEG A MÄI LIDDEREGE MANN HUET JUST NOGEKUCKT.

EE MOMENT, ECH HUNN DAT GANZT IWWERWAACHT AN DOFIR GESUERGT, DATT KEE FRIEME STËIERE KËNNT.



ELO SETZEN ECH SCHONNS 15 DEEG OP DEN EEËR AN DOFIR WÄERTE MENG KANNER ELO GLÄICH AUS DEM EE KLAMMEN.



ENDLECH HÄNKEN D'NATURSCHÛTZER KËSCHTE MAT GROUSSE LÄCHER OP AN DA KËNNT DE B... KUESLEFER A MAUERT DËI LÄCHER ZOU, SOU DATT ECH NET MËI ERA KOMMEN. AN DOBÄI WÄREN EEËR ODER VULLEN ENG GUTT OFWIESSLUNG OP MENGEM MENU GWIESCHT, WOU AM MOMENT JUST MAIS DROP STINN.

KUESLEFER
ALIAS GROUSSE
BAMLEFER
ALIAS KLEIBER
ALIAS SITELE
TORCHEPOT
ASS DEEN
EENZEGE VULL,
DEEN OCH KANN
E BAM EROFLAFEN
(MAM KAPP NO ENNEN).
SPIECHE KËNNE
JUST DE BAM
EROFRAFEN.



De Renert an der Stad?

De Renert

Mer ware Molbier plécken
 Fir si op d'Weller Heed
 Do louch de Renert doudeg :
 Äis béiden deet et leed.
 Meng Fräsche wollt bal kräischen,
 Se kuckt him an de Mond ;
 Vlächicht zéig en nach den Otem :
 Do schnaapt no hir den Hond.
 Ech koum nach op e Beemchen ;
 Wi hunn ech do gesiess !
 Här, viru mengen Aen
 Huet Renert si gefriess !



Am Michel Rodange sengem Roman „Renert“ huet de Kueb mat dëse Wierder de Fuuss virum Kinnek ugeklot. Mä stellt de Fuuss sech wierklech dout fir aner Déieren unzelackelen a se dann ze friessen? Neen, dat ass just eng schéi Geschicht. De



Fuuss huet et net néideg fir op esou Iddien ze kommen, well hien ass guer net kriddeleg wat säin lessen ugeet. Mais ést hie besonnesch gär (bis 20 am Dag). Doniewent stinn awer och nach Wierm, Insekten, Schleeken, doudeg Déieren a Friichten op sengem Menu. Bei verschiddene Leit ass de Fuuss net gutt ugesinn, well hien och heiansdo Hénger frësst. Fir dat ze verhënnere, brauch ee just den Héngerstall esou ofzesécheren, datt kee Fuuss an och kee Marder erakënnt.



Firwat ginn an de leschte Joeren ëmmer méi Fiiss an den Uertschaften (och an de Stied) gesinn?

Ganz einfach: well hei e richtegt Schlaraffeland fir de Renert ass. An den Dreckskechten an um Kompost fënnt de Fuuss genuch lessen an och Hond- a Kazefudder gëtt gär giess. Fir e Bau unzeleeën ass och meeschtens kee Problem: a Parken, a grouse Gäert an esouguer um Kierfecht ginn et dofir Plaze genuch. Well et dem Fuuss an de Stied ganz gutt geet sinn hei och seng Revéieren (dat ass dat Gebitt wou hie wunnt a säin lesse sicht) däitlech méi kleng wéi op anere Plazen. Normalerweis leeft eng Koppel Fiiss an engem Revéier, dat dann och géint aner Fiiss verteidegt gëtt. Mä ganz dacks (wa genuch lessen ze fannen ass) liewen awer och aner Fiiss mat der Koppel zesummen ouni datt et zu Streidereie kënnt. Dës zousätzlech Fiiss (déi vun der Ersatzbänk) waarden drop, datt en anert Revéier fräi gëtt fir datt si dann och Jonker kréie kënnen.

FOXY menu


1 **Mac Maus** 3

2 **Foxy Wierm** 4 **Mac Box**

FOXY DESSERT

Doude Déieren **Uebst**





De Fuuss huet bei ons praktesch nach **just een eenzege Feind** an zwar de **Jeeër**. Mee well an Uertschaften net gejot gëtt, huet de Fuuss do näischt méi ze fäerten. Iwwregens zu Lëtzebuerg ginn nach ëmmer all Joer ongeféier 4.000 Fiiss geschoss, obschonns et dofir guer kee Grond gëtt. Säi Pelz gëtt net genotzt a wien esst schonns fräiwëlleg


Fuisse-Fleesch? De Fuuss ass och keng Gefor fir de Mënsch: hie gräift de Mënsch net un (ausser hien hätt d'Tollwut, eng Krankheet, déi awer schonns säit Joeren net méi bei ons festgestallt ginn ass) an hien ass meeschtens nuets ënnerwee, wann de Mënsch schléift (oder schlofe soll).



Wat geschitt awer wa kee Fuuss méi geschoss gëtt?

Net ganz vill, well et ginn dann och net vill méi Fiiss wéi bis elo (et gi jo och net onendlech vill Fuuss-Revéieren). Wann et vill Fiiss ginn (wéi am Moment zu Lëtzebuerg), sëtzen der och ganz vill op der Ersatzbänk, an anere

Wieder, si waarden drop datt e Revéier fräi gëtt fir dann och Jonker ze hunn. Soubal e Besëtzer vun engem Revéier ewechfällt (duerch Alter, Krankheet, Ofschoss oder Akzident mat engem Auto) gëtt hien duerch en anere Fuuss ersat. Wann awer manner Fiiss stierwen, hunn déi Pechvulle vun der Ersatzbänk bal keng Chancë fir eng Kéier Jonker ze kréien. An de Fuuss gëtt och normalerweis net méi wéi 4 Joer al.



Dem Michel Rodange säi Roman gëtt et a ganz villen Oploen.

Méchel Rodange
Renert
Editions Guy Binsfeld
256 Säiten, 65 Illustratiounen
190 x 250 mm,
ISBN 978-2-87954-036-8

Déi meescht Leit fannen de Fuuss ganz sympathesch, well och wann hie réischt an de leschte Joeren ons Stied erobert huet, huet hie schonns zënter 80 Joer (vum 5. Juni 1932 un) säin eegent Monument um Knuedler.



Knäiwweil

Wéi gëtt aus engem Aascht eng Päif?



Schneid dir e 6 cm laangt Stéck Hielenner (dat ass bal huel an der Mëtt an et geet ganz guff fir et auszihlegen). Mam Knäipche schiels du dëst Stéck. A mat engem zerdrudelte Stéck Drot hielegst du et aus.



Schneid ee Stéck Holz schif of, sou wéi hei op der Foto.

Schiel een Aascht, deen ongeféier esou déck ass wéi d'Lach an denger Päif, a stiech en an d'Päif. Schneid dat, wat iwwersteet, of.

Fir datt deng Päif och päiff muss du op d'Mondstéck (en 1 cm groust geschlengt Stéck) platt afschneiden an an deng Päif stiechen.



Bemoolte Steng




E Pinsel an e puer Steng

Huel e puer flott platt Steng. Dës kanns du da mat ganz einfachen oder méi komplizéierte Mustere bemolen. Denger Fantasi si keng Grenze gesat.



Mat engem wässe waasserfesten Tuschbic geet dat ganz guff. A sou een Tuschbic kriss du a ville verschiddenen Déckten. Du kanns natierlech och mat engem Pinsel an Acrylfaarf (déi ass waasserfest, mécht awer Flecken op d'Kleeder) op deng Steng molen. Mat enger Fieder kriss du déi ganz reng Mustere gemoolt.

Lee dës Steng zesummen op een Dësch oder verschenk se u Frënn.



Saiten



Holze Schlaangen...


Schneid mat enger Gaardeschéier een Aascht Hieselter oder Hielenner. Schneid dësen Aascht an 2 cm grouss Stécker. Schneid och nach e méi Grousst fir de Kapp.



Mat engem Stéck Drot méchs du Lächer an deng Stécker vun der Schlaang. Du kanns och deng Schlaangestécker dekorieren a Musteren an d'Schuel schneiden.

Du brauchst och nach e Grapp voll Pärelen. Huel e Stéck Drot a fiedel een nom aneren eng Pärel an e Stéck Holz op. Fir der Schlaang hir Zong diebels du einfach den Drot an hie Mond eran.

...an holze Mais



Mat der Gaardeschéier schneids du e 4 cm laangt Stéck vun engem Hieselter erof, an och nach 2 dënn Tranchen fir d'Oueren. Mat engem Messer schnézt du eng spatz Nues a mam Basteldrot kanns du de Schnurri vun der Maus maachen. So een Erwuessene soll dir e Lach an d'Spézt bueren, wou s du dann dräi Stécker Drot derduerch ziffts. Pech d'Oueren un an och nach eng Pärel op d'Nues.

Fir de Schwanz pechs du e Stéck Ficelle op den Henneschte vun der Maus. Mol hir nach e puer Aen a maach nach just e Knet an de Schwanz, a schonns ass deng holze Maus fäerdeg.



Messer a Gaardeschéier si geféierlech. Looss dir bei dësen Aarbéchte vun engem Erwuessenen hëlfefen.

ETAGEN AM BËSCH:

Déi verschidde Stäck mat hire Planze bidde villen Déieren d'Méiglechkeet hiert Nascht ze bauen, genuch Fudder ze fannen a sech virum Feind ze schützen.

An der 40m héiger **Bam-Schicht** breede hir Blieder aus a bilden e «Blieder-Daach» verhënnere, datt am Summer vill Licht op d'Kraider fällt. An der Kroun bréien ë.a. den Dommendéer säin Nascht an engem Bamstamm dran a

BAM-SCHICHT
ONGEFËIER 40 M HEICH

STRAICHER-SCHICHT
ONGEFËIER 5M HEICH


KRAIDER-SCHICHT
(ONGEFËIER 1M)

**MOOS-SCHICHT,
BUEDEMSCHICHT**
(ONGEFËIER 20 CM)

Dës **Strächer** an et gesäit ee helle Plazen an den Strächer (Hiesel, Hielenter, a Waldvullen hiert Nascht gutt verstoppt si d'Graatsch (Graatsch)

de Laf – an Nolebeem (Bich, Eech, Ahorn, Kiefer a Ficht)
oder «d’Kroun vum Bësch». Si fänke Sonnelicht an a
de Buedem fällt.

ck (Goldhähnchen), an d’Goldmärel (Pirol). De Spiecht baut
fénnt och ënnert der Bamschuel säi Fudder (Insektelarwen).



r-Schicht ass ongeféier 5m héich
se ganz guff am Bësch op deene méi
och um Bord vum Bësch. An dese
ter, Faulbam, Juddekiischt, Wäissdar,
kelder) a jonke Beem bauen eng Rei
cht, well se do duerch déi vill Blieder
inn: z.B. d’Dréischel (Singdrossel) an
asmücke).

Eng Rei Déieren,
wéi zum Beispill
d’Kaweechelchen,
bewege sech an
e puer Schichten. Et
kann esou sengem
Feind, dem Marder
entkommen.

An der **Kraider-Schicht** (ongeféier
1m) wuesse Bëschgrieser, Faren,
Bëschblummen, Schachtelhalmen,
jonk Beem an Zwergstraicher
wéi d’Bëschäerbier, d’Molbier
(Heidelbeere) an d’Krällebier
(Preisselbeere).

An der Moos- a Kraider-Schicht
bauen déi Vullen hir Näschter, déi se
um Buedem bauen: de Bliedervillchen
(Waldlaubsänger) tarnt säi Moosnascht
mat Far-Bliedercher.

D’Planze vun dësen 2 Schichte si
besonnesch un d’Lichtverhältnëss
an d’Loftbewegungen ugepasst:
Am Fréijoer, wou d’Beem nach keng
Blieder hunn, an am Hierscht, nodeems
d’Blieder erofgefall sinn, kënt ganz
vill Sonnelicht op de Buedem. Da
bléien d’Fréibléier: si kréien hir Friichten
a leeë sech Reserven an hiren
ënnerierdeschen Deeler un: (Knollen
an Zwiwwelen). Dëst sinn zum Beispill
d’Abrëllsblumm (Buschwindröschen)
an d’Veilchen. Am Summer kënt
duerch déi vill Blieder net méi genuch
Sonnelicht op de Buedem; dowéinst
verbreede sech Schietplanzen um
Buedem: wéi zum Beispill déi kleng
Meeréischen (Schattenblume),
d’Meekraitchen (Waldmeister) an den
Nuetsschiet (Bingelkraut).


Um Buedem ass och net vill Loft:
Dowéinst wuessen do déi Zorte Planzen,
déi vun den Insekten bestäubt ginn
an deenen hire Som net vun der Loft
brauch verstreet ze ginn.
De Som vu Faren, Moosen, a
Champignonen ass sou liicht, datt
e schonns vun engem klengen
Wandhauch fortgedroe ka ginn.
De Som kann och um Pelz vun
den Déieren hänke bleiwen an
esou verbreed ginn (sougente Klettfrüchten),
wéi z.B. de Som vum
Meekraitchen (Waldmeister) an der
Hexeblumm (Hexenkraut). En aneren
Trick fir d’Somverbreedung ass
deen, datt déi grell Faarwe vun de
säftege Friichten d’Déieren ulackelen,
wéi z.B. déi rout Friichte vun der
Heckepëppchen (Aronstab) a vum
Bëschäerbier an déi bloschwarz
Friichte vun der Wäisswuerzel
(Salomonsiegel).

Op der **Moos- a Buedem-Schicht** wuesse Champignonen, Flechten
a Moosen; vill Schleecken, Wierm, Spinnen an Insekten fannen do hire
Liewensraum; an dës Déiere sinn nees Fudder fir eng ganz Rei vu Vullen, wéi
z.B. d’Märel (Amsel) an d’Dréischel (Singdrossel).

NUETS-JEEËR



PITTI, DOBAUSSE FÄNK ET UN DAISCHTER ZE GINN AN DOFIR GINN ECH ELO OP D'JUEGD. DU SCHECKS DECH AN DU BLEIFS OCH HEI HÄNKE BIS ECH EREM SINN.



OPGEPASST! DOHANNE KENNT E GEFEIERLECHT BEISCHT, DAT ONS FÄNKE WELL!

KEE PROBLEM, DEEN ZWERG DO ESST DACH NEMME KLENG MECKEN A WAERT ONS A ROU LOOSSEN.



DOHANNE ASS OP 3 METER NO WESTE MAIN EISCHT OWESIESSE FIR HAUT: ENG KLENG MATT.


D'FLIEDERMAUS JÄIZT A WANN D'TEIN OP EN DEIER TREFFEN, GI SE BEI D'FLIEDERMAUS ZRECKGEHÄIT (ECHO)



ELO HUET ET MÄI KOLLEG ERWESCHT AN DOBÄI WAR HIEN IWWERZEEGT NET GEFRIESS ZE GINN.



AN ELO FLEIEN ECH NACH E KLENGEN TOUR LAANSCHT D'STROOSSELUUCHTEN, WELL DO SINN EMMER VILL MECKEN A MUSTIKEN ENNERWEE.



DOHANNE KENNT AWER EPPES GROUSSES GEFLUNN AN DOFIR GËTT ET HËICH ZÄIT, DATT ECH HEEM KOMMEN.



DEEN HAT AWER MËI GLECK WEI VERSTAND, WELL DAT WIER E GUDDE MAUFEL FIR DEN OWEND GEWIESCHT!



PITTI, WOU BASS DU? JHEMP, DU BRAUCHS GUER NET HEI ZE RUFFEN, WELL ECH ERKENNEN DE PITTI U SENER STËAM. A JUST DE PITTI FIDDEREN ECH MAT MELLECH.



ZWERGFLIEDERMAUS
PIPISTRELLUS PIPISTRELLUS
ZWERGFLIEDERMAUS
PIPISTRELLUS COMMON
COMMON PIPISTRELLUS

SPANNWEIT:
18-24 ZENTIMETER,
GEWICHT: 4-8 GRAMM
KANN'S DU AM GANZE LAND
OWES GESINN (DACKS
RONDREM D'STROOSSE-
LUUCHTEN ODER UM
BESCHRAND.

STEEZ ZU LËTZEBUEERG
ËNNER NATURSCHUTZ.
ZWERGFLANTERMAIS AM HAUS
ASS DAT SELWESCHT WEI
DEN EISCHTE PRÄIS AN
DER LOTTERIE:
MUSTIKEN AN ANER
PLOGEESCHTER HUNN
NÄISCHT MËI ZE LAACHEN!



Sonneschutz ronderëm d'Welt

Wann et richtig warem ass an d'Sonn schéngt, dann huele mer d' Sommerkleeder aus dem Schaf: kuerz Boxen a Jupen, T-Shirte mat kuerzen Äerm, Toppen mat dënne Bretellen, Schwammbox a Bikini fir op der Plage. Mir probéiere sou vill wéi méiglech dobaussen ze sinn a vun der Sonn ze profitéieren. A fir datt déi vill plakeg Haut net sou séier verbrennt, reiwe mer eis mat Sonnecrème an.

Doriwwer kënnen d'Mënschen aus dem Süden an aus den Trope sech nëmme wonneren, well si ganz anescht mat Sonn an Hëtzt ëmginn, wéi mir hei a Mëtteleuropa.




Foto: Ferdinand Reus

Een anert Kleedungsstéck, wat perfekt viru Sonn an Hëtzt schützt, ass de Boubou. *An Afrika* gesäit ee Männer, Fraen a Kanner, an deem lëflegen a meeschtens zimlech faarwege Gewand. Sou een ass wierklech praktesch an et kann een en och einfach iwwert déi aner Kleeder undoen a sech sou perfekt schützen.



Foto: Lin teacher

Am Vietnam schützen d'Frae sech virum waarme Klima an der Sonn mat engem Ao Dai: enger laanger dënner Blouse, déi iwwert enger laanger dënner Box gedroe gëtt. Dat ass net nëmme schéi lëfleg a praktesch, well een domadder spillen, schaffen a Vëlo fuere kann, mä och zimlech elegant. Um Kapp nach en Non La, e Stréihutt, deen een a ganz Südostasien gesäit. Dee schützt net nëmme virun der Sonn, déi an den Tropen immens waarm ass, mä ënnert him bleift een och dréchen an der Reenzäit.



Foto: Stougard

D'Sonn meiden an de Schiet sichen! A ville waarme Länner halen d'Mënsche sech am Schied, wann d'Sonn am stäerksten ass an et am wärmsten ass. Jiddferen dee kann, hält dann eng Mëttesrascht, d'Siesta. An déi déi ënnerwee sinn, hunn hiren eegene Schiet.



Foto: Alfred Weidinger

Dëse Jong lieft *am Mali*, an der Wüst Sahara. Do brennt d'Sonn de ganzen Dag vum Himmel an et ass och kaum Schied, well et sou wéineg Beem a Palmen gëtt. Säin eenzege Schutz, wann hien dobaussen ass, si seng Kleeder: e laange Schal gëtt em de Kapp an d'Gesicht gestréckt an e weit Hiem mat laangen Äerem bis op d'Féiss. Seng Kleeder si weit a lëfleg a schützen hien optimal virun der Sonn, der Hëtzt an och virum Sand.



Foto: Laportchicago

Och d'Männer *an Asien* doe sech lëfleg un a schützen sech virun der Sonn. Traditionell doe si keng Boxen un, eng laang Box ass ze waarm a mat enger kuerzer Box ass een net genuch virun der Sonn geschützt. Dofir wéckele si sech e Stéck Stoff ronderëm d'Hëften, dat ass sou lëfleg wéi eng Jupe, schützt awer och virun der Sonn. Jee no Regioun heescht déi „Jupe“ Sarong oder Lungi.



Foto: Gerardo

Och *a Mexico* doen d'Leit sech sou un, datt sou mann wéi méiglech Sonn u si kënn. An hieren Hutt, de Sombrero, mécht, datt bal hiere ganze Kierper am Schied ass. Superpraktesche Sombrero. „Sombra“ ass iwweregens dat spuenescht Wuert fir Schied.



Mir sollte vun de Mënschen aus anere Länner léieren an eis och virun der Sonn an Uecht huelen an eis schützen. An de Mëttesstonnen aus der Sonn bleiwen, raschten, eng Siesta maachen. Op der Plage hëlleft den T-Shirt, fir datt ee sech d'Schëlleren an de Réck net verbrennt. En Base-Cap, e Sonnenhutt oder en Piratenduch schützen däi Kapp, däi Gesicht an deng Akaul virun der Sonn. An net ze vergiessen, e gudde Sonnebrëll, deen deng Aen viru Sonnestrale schützt! Reif dech am Summer och ëmmer mat Sonnecrème (Indice de protection 30 oder méi, a waasserfest) an, fir datt deng Haut net sou séier verbrennt. All 2 Stonne muss de dech nei acrèmen. A well s de trotz Sonnecrème awer no enger Zäit kanns verbrennen, kuck fir aus der Sonn eraus ze kommen: ënnert engem Sonneprabbeli, op enger Terrasse am Schied oder ënnert engem Bam.

D'Zeck, e Vampir




D'Zecke si Milben a mat hieren 8 Been gehéiere si zu der Famill vun de **Spannendéieren**.

Als **Parasiten*** liewe si vu Blut, dat si bei anere Liewewiesen suckelen. Eng Zeck brauch net méi wéi eng déck Dréps Blut fir sat ze ginn. Trotzdem musse mir eis virun hinnen an Uecht huelen, well si kënne geféierlech Krankheeten iwwerdroen.

Ech
si 500 mol
sou liicht wéi dee
Vollgefriessenen
do!

Reps!



Bei iwwer 10 Grad ginn d'Minivampiren aktiv. Besonnesch am **Summer** sinn der vill vun hinnen op der Sich no enger gudder Bluttmoolzecht. Dofir gi si awer net op d'Juegd, mee si waarde gedëlleg op een Affer: **am Gestrépp, op Hecken an am Gras**, mee net op de Beem. Si klammen net gären, dofir fénnt ee si ni méi héich wéi 1,5 Meter iwwer dem Buedem. Eng Zeck kann och net sprangen. Dofir muss si waarden, bis ee Been, eng Hand oder eng Patt si zoufällleg beréiert fir sech kënne festzekrallen. Si fängt net direkt u mat Suckelen, mee si sicht sech dann eng Plaz wou d'Haut schéin dënn a warem ass, wou si kann a Rou suckelen.

Dësen ongemittleche Gesell kënnt een aus de Féiss, wann een op de Beschweeër bleift an net duerch Gras, Gestrépps an Hecken kraucht.

E gudder Schutz sinn och: zoue Schung, **Kleeder mat laangen Äerm a laange Been**. Am beschten et stécht ee sech d'Box ënnen an d'Strémp.


Antizeckemëttel kënnen och hëllefen. Si schützen zwar net 100%, mee d'Wahrscheinlechkeet fir eng Zeck ze kréien ass méi kleng.

Zecke kënnen eng Zäit an de Kleeder erëmkrabbelen, ier se un eis ginn. Dofir soll ee seng **Kleeder ëmmer ausrëselen**, wann een no engem Ausflug heem kënnt. Gutt sinn **hell Kleeder**, well op deene kann ee si besser gesinn.

Dat Allerwichtigst an de beschte Schutz ass awer, fir nom Ausflug an d'Natur **de Kierper ganz genee no Zecken ofzesichen**. Leider spiert een d'Zecken net, soss wier et jo einfach si ze fannen. Dofir muss ee genee kucken (loossen) oder sech oftaaschen, z.B. ënnert der Dusch.

D'Bluttsuckler sëtzen am Léifsten ënnert den Äerm, tèscht de Been, an de Knéikaulen, hannert den Oueren oder an der Akaul. Et kann awer och all aner Plaz vum Kierper sinn.

Och **Hënn a Kaze** bréngen Zecke vun dobausse mat. Wann déi sech nach net um Déier festgebass hunn, kënne si op der Sich no enger gudder Suckelplaz dann och op eis krabbelen. Wa mir d'Déier op de Schouss huelen. Dofir soll een den Déieren hire Pelz op Zecken ënnersichen, wa si an der Natur ënnerwee waren a se net direkt op de Schouss huelen.



mat 8 Been



Wichtig!

D'Zecke soll een direkt ewech huelen, soubal ee se fonnt huet. Well wat si méi laang suckelen, wat d'Wahrscheinlechkeet méi grouss gétt, datt si Krankheeten iwverdroen.

Sou hëlt een d'Zecken eraus

D'Zeck hëlt ee mat enger **Pince**, enger **Zeckenkaart** oder enger **Zeckenschlinge** aus der Haut eraus. (Zur Nout kann een dat och mat de Fanger maachen).

Et paakt een d'Zeck sou wäit wéi méigeleg vir um Kapp an et zitt ee se ganz riicht no uewen eraus, ouni ze dréien. Dat geet net ëmmer ganz liicht, well d'Zeck sech festgebass huet. Wichtig ass, net fest op den Zeckekierper ze drécken, well dann dréckt ee méiglecherweis Krankheetserreger an d'Wonn. Et soll een och op kee Fall probéieren d'Zeck mat Ueleg, Alkohol, Colle, Crème oder aner Saachen dout ze maachen. Well déi iwvergétt sech dann a späit d'Krankheetserreger an d'Wonn. Wann een d'Zeck eraus geholl huet, **desinfizéiert** een déi kleng Wonn.



D'Mënsche mat hire Folterinstrumenter - net mol a Rou iesse kann een!



Krankheeten, déi vun den Zecken iwverdroe ginn: Informatiounen, net nëmme fir Erwuessener:

Borreliose

och Lyme Borreliose genannt

D'Borreliose ass eng Krankheet, déi duerch Bakterie verursaacht gétt, déi am Verdauungsapparat vun infizierten Zecke liewen. Am mëttel-europäesche Raum hunn, je no Regioun, 5 bis 30% vun den Zecken dësen Erreger a sech. Wann ee vun enger infizierter Zeck gebass gouf an d'Krankheet iwverdroe gouf, entwéckelt sech an 90% vun de Fäll e roude Fleck, deen net wéi deet, deen an der Mëtt hell gétt a sech no baussen hi vergréissert, déi sougenannte „Wanderröte“. De roude Fleck kann e puer Deeg nom Zeckebëss entsto, awer och nach Wochen duerno. Dacks wise sech och Symptomer wéi bei enger Gripp: Middegkeet, Kappwéi, Gelenkerwéi, eventuell Féiwer. A seelene Fäll kënnen no e puer Méint Komplikatiounen optrieden.

Et gétt keng Impfung géint d'Borreliose. Ganz wichtig ass fir bei engem Verdacht op Borreliose bei den Dokter ze goen. Dee kann Tester maachen an déi noutwenneg Medikamenter verschreiwen.



Wanderröte



Borreliose-Bakterien, gesinn aus wéi en Tire-bouchon

Kuckt och d'Broschüre vum Gesondheetsministère iwver d'Zecken op: <http://www.sante.public.lu/publications/rester-bonne-sante/vaccinations/attention-danger-tiques/attention-danger-tiques-2011-de.pdf>

Frühsommer-meningoenzephalitis

A bestëmmte Géigende vun Däitschland, Éisträich, der Schwäiz an an Deeler vun Osteuropa kënnen d'Zecken och eng Hirnhautentzündung, déi sougenannte FrühSommerMeningoEncephalitis» (FSME) iwverdroen. Tëschent 0,1 -1% vun den Zecke sinn infizéiert a kënnen d'FSME iwverdroen. Anescht wéi bei der Borreliose kann ee sech géint dës Krankheet impfe loossen. Wann een an dës Géigende fiert, da freet ee sän Dokter oder beim Service des Maladies Infectieuses vum CHL.

Fir all d'Zeckologen ënnert iech: ee ganz flotte Site, probéiert de Quiz an dir kritt en Zeckifikat fir äert aussergewéinlecht Zeckewëssen!

www.zeckenschule.de



ZECKIFIKAT


*Parasit: e Parasit ass e Liewewiesen, dat en aner Liewewiese brauch fir sech ze ernähren.

SUPERPETZI!



Si se net knuffeg, déi séiss Bärtierchen mat hiren tapsege Beenercher?!

Hee, Panewippchen! Mir gesi vläicht aus wéi Mini-Gummibärecher, mir sinn awer déi robusten Déiere vun der Welt, méi zéi wéi e Grizzlibier!



Wou liewe mer?


Vun eis gëtt et Billiarden an et fënnt een eis iwwehall: op héige Bierger, an déiwen Ozeaner, a Bëscher, a Grousstied, am Gaart. Dat Eenzegt, wat mir brauchen ass e bësse Waasser. Mir liewe ganz gär an de Waasserdrëpsen am Moos.

Billiarden?!
1.000.000.000.000.000
op alle Fall immens vill!

Wa Mënschekanner iech gär ënnert dem Mikroskop kucken, dann huele se e Mooskëssen an do fanne si iech dran.



an esou engem grouse Stéck Moos fënnt een all 200 Waasserbieren.



sou grouss si mir, wann s du besser Aen häss, da bräichs de kee Mikroskop fir eis ze gesinn!

Wéi gesi mer aus?


mir sinn duerchsüchtig, wäiss oder verschidde faarweg

2 Aen oder guer keng, mir gesinn net terribel gutt

mir hu keen Häerz a keng Oderen. Eist Blut ass duerchsüchtig a leeft duerch de Kierper wa mir eis beweegen. mir ootmen duerch d'Haut.

wa mir wuessen, da fuere mir aus der Haut, pardon, da kréie mir eng nei Haut.

4 Puer Stummelbeenercher, mir sinn net grad déi séierst





Krallen un all Been

Suckelmond mat 2 (Stiletten)

Wat iesse mer?

Déi meescht vun eis si Vegetarier. Mir iesse gär Algen. Eng Parti vun eis sinn awer och Raiber: mir friesse Minidéiercher wéi Fuedemwurm, an och aner Waasserbieren. Mir drécken de Mond widdert eist lessen, bäissen dran a suckelen et ganz aus.

An da ginn et nach esou iwweflësseg Béischten wéi Milben, Spannen, Insektelarven a Wierm déi ons friessen.



Hëllerf!

Niam!!






Eis Kanner



Eis Damme leeën hir Eeër (je no Zort 1-35 Stéck) of, wa si sech haiten. Di Kleng krabbelen nõ 5-40 Deeg aus der Eeschuel. D'Eeër hu ganz verschidde Formen.



Superpetzi!


Mir sinn net kleng ze kréien! Eis kann ee kachen, afréieren an ausdréchnen. Geckeg Wëssenschaftler hu suguer e puer vun eis ouni Costume 10 Deeg an de Weltall geschéckt. Mir hunn dat alles iwverlieft!

Mir zéien dann eis Been eran, a gi Fett of. Da gesi mer ganz kleng a verschropelt aus, a brauchen kee Sauerstoff a keen lesse méi. Mir sinn da wéi dout a gesinn aus wéi e verdréchent Fässchen, d'Fachleit nennen dat Tönnchenstadium.

Sou hunn der vun eis méi wéi 100 Joer iwverlieft. Mir liewen normal tèschent 3 Méint an zweeanenhalleft Joer.



Wann dann erëm e puer Drëpse Waasser op eis falen ...




Lo bass de platt, gell Panewippchen!



d'Ëmwelt an d'Menschen

Mir Waasserbiere verdroe guer keng Ëmweltgëfter. Do wou der vill vun eis liewen kanns de sécher sinn, datt et nach zimlech propper ass. D'Mënsche sinn eis pupegal, mir doen hinnen näischt a si doen eis och näischt.



Spiderman?



Hues Du Loscht op eng Expeditioun ze goen fir spannend Déieren ze erfuerschen?

Natierlech, dann do am beschten eng laang Box a fest Schong un, huel eng Becherlupp (oder en eidelt Gebeess-Glas) a géi an den nächste Bësch.




Foto: Arno Grabolle

Elo brauchts Du nach just um Bësch-Buedem no Béischte mat 8 Been ze sichen, déi Famill mat den Tarantelen (*) sinn. Experten hu schonns erausfonnt, datt et ëm Wollefs-Spanne geet, déi heefeg an onse Bëscher sinn. Mä du brauchts keng Angscht ze hunn, well dës kleng Spannen (ongeféier 1cm) kënnen dech net bäissen, sinn also guer net geféierlech.



Foto: Krochmal

Knapps sinn déi jonk Spannen aus den Eeër, klamme si hiner Mamm op de Réck a benotze si als Taxi. Esou si si och virun anere Raiber geschützt.



Mmmh, lecker!



Wollefs-Spanne lafen iwwert de Buedem fir kleng Déieren (Insekten, aner Buedem-Déieren) ze fänken. Si bauen also keen Netz.

Fänk mol eng Spann, setz se an d'Becherlupp a probéier erauszefannen, wéivill Aen si huet. Wa si am ganzen 8 Aen an 3 Reien huet (ganz vir 4 klenger an hannendru 4 grousser) dann hues du wahrscheinlech eng Wollefsspann gefaang.



Dat do ass keng Wollefs-spann, also weidersichen!



Huel mech mat!

Maach Plaz! Unhalen!!

Alles mat der Rou! Et geet réicht lass, wann der all drop sidd!

Soubal déi kleng Spannen aus der Haut gefuer sinn (natierlech gewuess sinn an eng nei Haut kritt hunn) musse si eleng eens ginn.



Foto: Onychiurus

Probéier mol eng Spann ze entdecken, déi eng déck Bull hannen um Kierper huet. Dës Bull gëtt Kokon genannt an doranner sinn d'Eeër vun der Spann. D'Spannemamm hélt also hir Eeër iwwerall mat a léist esou hir Kanner ni am Stach.

ech droen och alt de Kokon vun enger anerer Mamm mat, wann déi stierft.



Bestëmmt huet dës kleng Expeditioun dir gewisen, datt d'Spannen intressant Déiere sinn an op kee Fall grujeleg an eekleg Béischten. Denk drun deng Spannen erëm am Bësch fräi ze loosse!

Panewippchen, d'Fuesend ass eriwuer!



(*) Tarantele liewe just a Südeuropa a si kënnen de Mënsch och bäissen. Mä anescht wéi behaupt gëtt, stierft de Mënsch net dorun (eng Gefor besteet just fir Leit déi op dat Spannegëtt allergesch sinn).